

Streikgedenkfeier zu Woltz

(31. August 2019)

Ried vum CM2GM-Präsident Joseph Lorent

Här Chamberpräsident,

dir Häre Ministeren an Deputéierten,

dear representative of the US Embassy,

Här Buergermeeschter, dir Häre Scheffen a Conseilleren vun der Stad Woltz,

Här Präsident vun der „Fondation du Memorial“,

dir Häre Vizepräsidenten a Membere vum CM2GM,

Här Dechen,

dir Verrieder vun deene verschiddene patrioteschen Organisatiounen,

dir léif Leit alleguerten,

als Präsident vum „Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale“, deen duerch e Gesetz vum 21. Juni 2016 geschafe gouf a paritéitesch aus Verrieder vun den dräi Affergruppen - also Resistenz, Zwangsrekrutéierung a Shoah - besteet, fällt mir d'Éier zou, fir bei dëser traditioneller Gedenkfeier an der Märtyrerstad Woltz fir d'eisichte Kéier eng Usprooch ze halen.

Fir unzufänke kuerz e puer Erklärungen iwwert de CM2GM: Hien ënnersteet direkt dem Staatsminister an huet als Hauptmissioun, d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich héich ze halen a fortzeschreiwen. Dat ass an Zäiten, wou et geschwënn guer keng Zäitzeie méi wäert ginn, eng ganz wichteg Aufgab. An deem Sënn intervenéiert de CM2GM am Intressi vun deene verschiddenen Affergruppe ënner anerem bei den öffentlechen Instanzen an hien organiséiert d'Manifestatioune fir déi offiziell Erënnerung un den Zweete Weltkrich mat. Dat ass zum Beispill de Fall fir de nationale Kommemoratiounsdag e Sonndeg, den 13. Oktober 2019, am Trifolion zu Iechernach. Zu sengen Aufgabe gehéiert

et doriwwer eraus, fir Recommandatiounen ze maachen, déi sech op d'Organisatioun am allgemengen vun der Erënnerung un den Zweete Weltkrich an op d'Identifizierung an d'Valorisierung vun de „Lieux de mémoire“ bezéien. Och soll de CM2GM Aktiounen ënnerhuelen, fir de Public an dobäi besonnesch d'Jugend fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich ze sensibiliséieren.

Zum Gedenktag vun haut zu Woltz halen ech mat grousssem Respekt fest, dass hei virun 77 Joer en historesch bedeitenden Aktiounsdag mat groussen Affer war, deen e wesentleche Bäitrag an der gréisster Prüfung war, mat deem de nach relativ jonke Grand-Duché konfrontéiert war. De Courage an d'Determinatioun vun de Wéiltzer Leit, déi Patriotismus mat vill Zivilcourage kombinéiert hunn. All dat huet ouni Zweifel e Mouvement ausgeléist, dee wesentlech zur Stärkung vun der Resistenz an zu engem aussergewöhnlechen nationale Zesammenhalt vun de Lëtzebuerger a schwéieren Zäite bäigedroen.

Erënnerung an der Dankbarkeet soll a muss et weiderhin ginn, eleng schon aus Respekt virun den Affer vum Nazi-Terrorregime a well den Zweete Weltkrich opkee Fall aus dem kollektive Gediechtnes verschwanne däerf.

Dës Erënnerung soll awer an engems eng Mahnung sinn, well 75 Joer no Krichsenn weist sech en heiansdo scho bal erschreckende Mentalitéitswandel op verschiddene Pläng. Do heescht et engersäits bei ëmmer méi Leit, firwat nach iwwert d'Krichszäit schwätzen an nodenken, well déi jo schons laang zrëckläit. Anerersäits sinn dat zum Deel déiselwecht Zäitgenossen, déi och dem europäeschen Eenegungsgedanken éischer passiv géintiwuer stinn. A béide Fäll gëtt de Fridden, an deem mir zënter engem 3/4-Jorhonnert liewen als eng Selbstverständlechkeet ugesinn. Dat ass awer op kee Fall esou, wann een d'Tendenzen zu méi Nationalismus a Rassismus kuckt, déi sech e bësschen iwwerall weisen.

D'Geschicht ass e gudden Léiermeeschter, well sie äis weist a léiert, wat passéiert, wa bestëmmten Zäitgenosse mat populistesche Phrase versichen, de guttgleewege Leit mënschveruechtend Idealer opzedrängen, fir hier eegen Ambitiounen no Muecht z'erreechen. An deem Sënn musse mir an der Zukunft dofir suergen, daas déi breet Ëffentlechkeet virun Iertürmer a gezielte falschen Duerstellungen geschützt gëtt. Nëmme esou kënnen och eis Nokommen d'Grënn, Follegen an d'Léiere vum Zweete Weltkrich verstoen. Dat ass keng einfach Aufgab an enger Zäit, wou Fake News geleeft gi sinn, wou een also net méi weess, wat Propaganda a wat Informatioun ass a wat Wouerecht a wat Lige sinn. Dëser geféierlecher Entwécklung musse mir alleguerter méi wéi je mat Courage an Engagement entgéintrieden a net nëmme d'Fauscht an der

Täsch maachen. D'Affer vum Streik kënnen an däerfen net ëmsoss gewiescht sinn!

Merci fir Är Opmierksamkeet.

Joseph Lorent

Präsident vum „Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale“